ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 2725

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. August 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An den Nopeschlänner, wou d'Schoulen erëm ugaange sinn, sinn op verschiddene Plazen direkt vill Fäll vu COVID-Infektioune festgestallt ginn. Am Frankräich goufen z.B. 492 Kanner ënner 9 Joer eleng an der Woch vum 10. August positiv getest (Le Monde, 20.08.2020). Bis elo gëtt et nach keng wëssenschaftlech Sécherheet, trotz villen Etüden an nach méi méi oder manner spekulativen Deklaratiounen, wéi grouss d'Gefor fir d'Kanner an hirt Ëmfeld duerch COVID wierklech ass.

Dobäi kënnt, datt elo am Hierscht an am Wanter déi gewinnten Erkältungen a Grippen nees verstäerkt optrieden, niewent dem Risiko vu nees méi COVID-Infektiounen.

D'Schoul doheem (homeschooling) kann dozou bäidroen, d'Zuel vun de Schüler an de Klassen an domat d'Infektiounsrisiken ze reduzéieren.

Dowéinst wéilt ech dem Här Schoulminister dës Froe stellen:

1. Denkt d'Regierung un eng Weiderféierung vun engem „Schoul-doheem-Modell" am Schouljoer 2020-2021, besonnesch fir vulnerabel Persounen ze schützen?
2. Kéint d'Regierung sech virstellen, präventiv oder am Fall vu verstäerkten Infektiounen, en hybride Modell anzeféieren - z.B. d'Hallschent vun der Klass an der Schoul an déi aner hätt zu där Zäit e „Schoul-doheem-Model"?
3. Si fir de Fall, wou d'Schoul doheem envisagéiert ass, scho vu Regierungssäit Dispositioune geholl ginn, fir de «congé pour raisons familiales », op d'mannst fir vulnerabel Persounen, kënne weider ze féieren?
4. Gëlle fir d'Rentrée 2020-2021 nach déi nämlech Krittäre fir e „vulnerable Schüler" ze definéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2725 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

D'Schoulrentrée gouf an enker Zesummenaarbecht zwëschen den eenzele Partner vun der Schoulcommunautéit organiséiert. An dëser éischter Phas vun der Organisatioun vun der Rentrée, an där och de Gesondheetsministère mat involvéiert war, ass alles drugesat ginn, fir datt fir d'Rentrée 2020-2021 e gereegelte Schoulbetrib konnt stattfannen, ouni d'Schüler oder d'Léierpersonal dobäi engem onnéidege Risiko auszesetzen.

Am Kader vun der Rentrée gouf dofir och am Schouljoer 2020/21 den Enseignement à distance bäibehalen. Dëst fir vulnerabel Persounen (Schüler a Léierpersonal) a fir d'Klassen, déi a Quarantän sinn.

Fir datt ee Kand als vulnerabel agestuuft gëtt, a vum Enseignement à distance ka profitéieren, muss dem Kand säin Dokter e Certificat ausstellen, op deem vermierkt ass, datt d'Kand vulnerabel ass. D'Léierpersonal stellt dat néidegt Material fir den Unterrecht op Distanz zur Verfügung. Donieft fënnt een och didaktescht Material, dat speziell vum SCRIPT erstallt gouf, op www.schouldoheem.lu a wann e Besoin besteetan op Demande vun der Direktioun stellt de CGIE iPads fir d'Schüler am Enseignement à distance zur Verfügung.

Concernéiert Enseignanten a Membere vum sozio-edukative Personal kréie vun hirem Dokter e Certificat de vulnérabilité ausgestallt, dee vum Aarbechtsdokter validéiert gëtt. Si iwwerhuelen eng adaptéiert Tâche ënner de Modalitéiten, déi jeeweils mam Regionaldirekter am Respekt vun de spezifesche Recommandatiounen vum Aarbechtsdoktor definéiert ginn.

**Ad 2)**

Am Kader vun der Reprise vun de Coursë gouf vum Educatiounsministère an Zesummenaarbecht mam Gesondheetsministère eng kohärent Strategie fir d'Bekämpfe vum COVID-19 ausgeschafft (*"Dispositif pour la rentrée scolaire 2020-2021 dans le contexte de la crise sanitaire COVID-19").* Heibäi wor et wichteg, ëmmer eng Flexibilitéit vun der Strategie ze garantéieren, esou datt een d'Mesurë jee no nationaler oder lokaler Situatioun upasse kéint.

An dëser Strategie ass zum aktuellen Zäitpunkt kee systemateschen Enseignement à distance virgesinn (ausser ewéi am Ad 1 beschriwwe fir Schüler, déi vulnerabel sinn, oder am Fall vun enger Mise en quarantaine vun enger Klass). Sollt d'Situatioun sech veränneren, kënnen zu all Moment a jee no Besoin nei Mesurë getraff gi respektiv déi bestoend Mesuren adaptéiert ginn. Dozou gehéiert och den Enseignement en alternance.

**Ad 3)**

Eltere vu Kanner, déi opgrond vun enger Mise en quarantaine doheem musse betreit ginn, kënnen e Congé pour raisons familiales ufroen.

Am Fall vun engem isoléierte Fall an enger Klass (Zenario 1) ginn d'Eltere vun deenen anere Schüler kontaktéiert an si kréien d'Recommandatioun, hiert Kand no der Schoul doheem ze halen an all weider Kontakter vum Kand op ee Minimum ze beschränken. An dësem Fall kënnen och dës Elteren e Congé

pour raisons familiales fractionné ufroen, fir hiert Kand ausserhalb vun de Schoulzäite betreien ze kënnen.

Baséierend op den Artikelen L.234-51 an L234-52 vum Code du Travail an um 1. Artikel vum *Règlement grand-ducal modifié du 10 mai 1999 définissant les maladies ou déficiences d'une gravité exceptionnelle en application de l'article 15, Alinéa 2 de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales*, kënnen Elteren, deenen hiert d'Kand vulnerabel ass, e "Congé pour raisons familiales" ufroen.

**Ad 4)**

D'Definitioun vun engem "vulnerabele Kand" bleift och fir d'Rentrée 2020/21 déi nämmlecht.

D'Recommandatioune a deem Kontext sinn an de *Recommandatioune vum Conseil Supérieur des Maladies Infectieuses (CSMI)** esou ewéi an den temporaire sanitäre Recommandatiounen am Kontext vum COVID-19, déi konstant à jour gehalen ginn, ze fannen

*https://msan.gouvernement.lu/dam-assets/covid-19/csmi/CSMI-recommandations-enfants-vulnerables-20200425vf.pdf